N°3260
Entrée le 26.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Rezent Berichter weisen, dass eng wuessend Zuel vun eelere Leit zu Lëtzebuerg, trotz adequater Pensioun, finanziell Schwieregkeeten hu fir hiren Alldag ze finanzéieren. E konkrete Fall vun engem 75 Joer ale Pensionär aus dem Oste vum Land ënnersträicht dës Problematik, wou hien trotz enger gudder Pensioun riskéiert, seng Plaz am betreite Wunnen net méi bezuelen ze kënnen.

Dës Situatioun ass besuergneserreegend a weist op e méi breede Problem hin: Déi steigend Liewenskäschten, besonnesch am Beräich vum betreite Wunnen, kënnen och Pensionäre mat relativ gudder Pensioun un hir finanziell Grenzen dreiwen. D'Komplexitéit vun den Zoustännegkeeten a Prozedure fir Hëllef ze kréien, schéngt dobäi eng zousätzlech Erausfuerderung fir eeler Leit ze sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen iwwer 70 Joer hunn an de leschten zwee Joer staatlech Hëllef ugefrot, well hir Pensioun net duergeet fir hir Grondkäschten ze decken, a wéi huet sech dës Zuel am Verglach zu de Jore virdrun entwéckelt?

2. Wat fir Moossnamen huet d'Regierung virgesinn, fir sécherzestellen, dass eeler Leit mat adequater Pensioun net wéinst de steigende Liewenskäschten an d'Aarmut rutschen?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Gëtt et Pläng fir d'Prozeduren ze vereinfachen, fir dass eeler Leit méi einfach Zougang zu finanzieller Ënnerstëtzung kréien, falls hir Pensioun net duergeet fir d'Käschte vum betreite Wunnen ze decken?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten